**Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**
**19, um Krautmaart**
**L-1728 Lëtzebuerg**

**Lëtzebuerg, den 10/07/2025**

## Demande d'accès aux documents

Här President,

2021 hat een internationaalt Journalistennetzwierk opgedeckt, dass de Staatstrojaner PEGASUS, dee vun der israelescher Firma NSO verdriwwe gëtt, op Handye vu Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker installéiert gouf an och vun europäesche Regierungen genotzt gouf.

D'Firma NSO huet och zu Lëtzebuerg Büroen an och de lëtzebuergesche Bureau de commerce et d'investissement zu Tel Aviv (LTIO) war am Kader vu PEGASUS implizéiert.

An der Chamberssitzung vum 9te Juli 2025 huet den Ausseminister a fréiere Premierminister bestätegt, dass de Geheimdéngscht (SRE) Staatstrojaner benotzt.

Weider ass net vill iwwert d'Hierkonft an d'Verwendung vu Staatstrojaner gewosst. An der Ëffentlechkeet verweisen déi zoustänneg Regierungsmemberen, aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn, op d'Geheimhaltung.

Am Sënn vun der Separation des Pouvoirs mussen d'Deputéiert vun der Chamber hirer Kontrollfunktioun am Staat gerecht kënne ginn, fir nopréifen ze kënnen, ob d'Notzung vun de Staatstrojaner de verschiddene rechtsstaatleche Prinzippien, ewéi zum Beispill dem Prinzipp vun der Proportionalitéit, gerecht gëtt. Weider Punjkten, déi ee parlamentaresche Kontroll rechtfäerdegen, sinn d'Käschten an och d'Verhënnere vu méiglechen Abus'en. Dofir brauch d'Chamber ee Minimum un Informatiounen.

Esou wéi d'Kapitel 1bis vum Chambersreglement et virgesäit, maachen ech heimadder d'Demande, fir vun den zoustännege Regierungsmemberen d'Informatioun virgeluecht ze kréien, wéi eng Zort vu Staatstrojaner fir Iwwerwaachungszwecker am Kader vum Code de procédure pénale kaf a genotzt goufen.

Am Sënn vum Artikel 84quinquies soll d'Presidentekonferenz d'Modalitéiten decidéieren, ewéi d'Deputéiert dës Informatioune solle kënne consultéieren.

GOERGEN Marc
Deputéierten